FIR PROPPERT WAASSER - KOMMT KUCKEN!

POUR UNE EAU PROPRE - VENEZ VOIR !

Eis Quellfaassungen ënnerleie strenge Qualitéitsnormen, déi mat der Zäit och ëmmer weider evoluéieren. Sou wonnert et net, datt dës Quell aus dem Joer 1926 an de leschten honnert Joer 3 mol renovéiert gouf. D'Haaptsanéierung huet tëscht 2023 an 2025 stattfonnt an dës Kéier gouf och dru geduecht, fir d'Quell esou ze amenagéieren, datt se fir Visitte vun der Ëffentlechkeet ka genotzt ginn. Am Géigesaz zu villen anere Quellfaassunge kann een am Kaschbur ganz gutt gesinn, wéi d'Waasser direkt aus dem Fiels erauskënnt an opgefaange gëtt.

De Kaschbur ass d'Haaptquell vum Drénkwaassersyndikat DEA. Si huet zu all Joreszäit een impressionnanten Debit. Dir kënnt lech dovun den 18. Abrëll iwwerzeegen, wann den Drénkwaasserschutz-Animateur vun der DEA d'Gebai fir 3 Stonnen opmécht an lech Erklärungen zur Waasserqualitéit an zur Drénkwaasserversuergung an der Regioun gëtt.

Op der Plaz kënnt Dir och bei enger Waasserverkäschtegung matmaachen, wou et gëllt, verschidde Mineralwaasser am Goût ze erkennen.

18.04.2026

Visitt vun der Quell Kaschbur
Visite de la source d'eau Kaschbur

- **Beim Bësch vun Iener (Gemeng Sëll)**
  Près de la forêt d'Ehner (Commune de Saeul)
- **Visite : 45min**
  3 Départs : 13h30 / 14h30 / 15h30
- **Umeldung & Info Treffpunkt bis den 16.04 via QR Code :**
  Inscription & info point départ avant le 16.04 via QR Code :
- **Plaze si begrenzt**
  Places limitées

FIR PROPPERT WAASSER – KOMMT KUCKEN!

POUR UNE EAU PROPRE - VENEZ VOIR !

Fir d'Waasserqualitéit an der Atert ze iwwerwaachen, gi vun der Waasserverwaltung reegelméisseg eng Rei Analyse gemaach. Do ginn nieft cheemeschen a physikalesche Parameter och d'Waasserorganisme betruecht an all 3 Joer gëtt eng elektresch Fëscherei duerchgefouert, well och d'Zesummesetzung vun der Fëschpopulatioun e Réckschloss op proppert Waasser gëtt. Et ginn 3 Moossstatiounen op der Atert, wou dës Analyse gemaach ginn: Réiden, Béiwen a Colmer-Bierg.

De 25. Abrëll weise mir Iech zu Colmer, wéi esou eng Befëschung gemaach gëtt. Vun 14 bis 16 Auer si mir op der Plaz. Fir d'éischt kënnt Dir gesinn, wéi d'Fësch gefaang ginn, da wéi se gesënnert a bestëmmt ginn. Dir kritt och d'Méiglechkeet e puer kleng Frellen, déi dëst Joer an der Pisciculture ze Lëntgen aus den Eeër geschlüpft sinn, an d'Atert auszesetzen. A wann der bei eisem Gewënnspill op der Plaz matmaacht, dann hutt dir d'Méiglechkeet eent vun de Bicher „Les poissons au Luxembourg" ze gewannen.

25.04.2026

D'Fësch am Fokus - erlieft d'Fësch hautno
Nos poissons – vivez-les de près

- **Colmer-Bierg am Park bei der Atert**
  Parc de Colmar-Berg
- **14h-16h**
- **Umeldung bis den 23.04 via maison.eau@attert.com**
  Inscription jusqu'au 23.04 via maison.eau@attert.com
- **Wichteg: Dës Aktioun ass staark wiederofhängeg a muss bei Reen ofgesot oder verluecht ginn. Dofir biede mir lech, lech unzemellen, fir dat mir lech wann néideg kontaktéiere kënnen.**

Important : *Cet événement est fortement tributaire des conditions météorologiques et pourrait être annulé ou reporté en cas de pluie. Nous vous demandons donc de vous inscrire afin que nous puissions vous informer si besoin.*



Administration de la gestion de l'eau
Grand-Duché de Luxembourg

Dës Aktioun gëtt duerchgefouert an Zesummenarbecht mat den Ëmwelt-kommissioune vu Colmer-Bierg a Bissen.